N°4881
Reçue le 19.08.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.08.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/08/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

D'Taliban hunn d'Kontroll am Afghanistan iwwerholl an hunn domat och Kontroll iwwert Militärmaterial krut, dat déi afghanesch Arméi zréckgelooss huet. Wéi d'New York Post mellt:

> *"National security adviser Jake Sullivan admitted Tuesday that the Taliban gained significant troves of military hardware and weaponry that they took from Afghan security forces — and the Biden administration is still trying to determine the amount of American military equipment that is now in the hands of the extremist insurgents."*

Am Juli 2003 ass den éischten Asaz vun der Lëtzebuerger Arméi am Afghanistan lancéiert ginn. Deemools goufen, am Kader vun der ISAF-Missioun, 9 Zaldoten an d'Land geschéckt. Dës goufen iwwert Joren dann och ëmmer erëm mat Material versuergt. Esou goufen 2011 zum Beispill 4 Transportvehiculë vum Typ *Dingo 2* an den Afghanistan transportéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill militärescht Material gouf wärend der Zäit vum Asaz vun der Lëtzebuerger Arméi an den Afghanistan transportéiert?
2. Wéi vill militärescht Material gouf wärend dem Asaz beschiedegt an zerstéiert?
3. Wéi vill Material gouf herno erëm aus dem Afghanistan eraus transportéiert?
4. Wéi vill Material gouf nom Ofzuch vun de leschten Truppen am Mee 2021 sur Place gelooss? A wéi engem Zoustand?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député